N° 3765
Entrée le 23.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n° 3765 vum 12. Mäerz 2026 vum éierbaren Deputéierten Sven Clement iwwer « **Protection des données personnelles lors des** virements bancaires et paiements Payconiq »

**1. Firwat iwwermëttelen d'Lëtzebuerger Banken am Zäitalter vum RGPD nach ëmmer d'perséinlech** Adress un den Empfänger bei engem Virement? Handelt et sech ëm eng Decisioun, déi jiddwer **Bankinstitut fir sech selwer trefft, ëm eng lëtzebuergesch Eegenheet, oder ëm eng Praxis, déi am** ganzen SEPA-**Raum esou gehandhaabt gëtt?**

**2. Wéi ass dës Iwwermëttlung vun der Adress vereinbar mam Prinzip vun der Dateminiméierung, esou wéi et den Artikel 5 vun der Veruerdnung (EU) 2016/679 (RGPD) preconiséiert, laut deem** persounebezunn Donnéeën "adequat, relevant a limitéiert op dat, wat fir d'Zwecker, fir deenen se veraarbecht ginn, noutwenneg ass" musse sinn?

**3. Op wéi enger preziser juristescher Grondlag baséiert dees Dateniwwermëttlung? Kenne sech** d'Banken op d'Ausféierung vun engem Kontrakt (Art. 6, Abs. 1, lit. b) RGPD), eng gesetzlech **Obligatioun (lit. c) oder eng aner Rechtsgrondlag beruffen?**

**4. Iwwert wéi e Wee gëtt de Client iwwert dës Iwwerdroung vu senger Adress un Drëtter bei engem Virement informéiert, konform mat den Transparenzobligatiounen aus den Artikelen 13 a 14 vum** RGPD?

**5. Firwat gëtt och am Fall vu Payconiq** – engem Bezuelinstrument, dat dacks als Cash-Ersatz fir kleng, **alldeeglech Akeef benotzt gëtt – déi perséinlech Adress mat iwwermëttelt, nieft dem vollständegen Numm inklusiv zweeten a drëtte Virnumm, Informatiounen,** déi normalerweis net ëffentlech sinn? De Benotzer rechent dacks net domadder, dat hie bei engem sou simpele Bezuelvirgang sou **detailléiert perséinlech Donnée iwwermëttelt.**

6. Wäert d'Aféierung vum Wero-Service, dem Nofollger vu Payconiq, Verbesserunge beim Dateschutz mat sech bréngen? Oder wäerten d'Benotzer och weiderhi bei all Transfert massiv hir privat Donnéeë präisginn?

Den éierbaren Deputéierte stellt eng Rei Froen am Zesummenhang mam Schutz vu perséinlechen Donnéeë bei Bankiwwerweisungen.

Laut dem *SEPA Instant Credit Transfer Scheme Rulebook*, dat sech u Bezueldéngschtleeschter (PSP) riicht, ass d'Iwwermëttlung vun der perséinlecher Adress vun dem Optraggeber verpflichtend, wann de Bezueldéngschtleeschter vum Optraggeber oder dee vum Empfänger an engem SEPA-Land baussent dem Europäesche Wirtschaftsraum (EWR) etabléiert ass. An deenen anere Fäll ass dës Iwwermëttlung dem SEPA-Reegelwierk no als optional virgesinn.

D'SEPA-Reegele riichte sech no de gültege minimalen Ufuerderunge fir d'Bekämpfung vu Geldwäsch a Finanzéierung vum Terrorismus (AML/CFT).

Den Artikel 58 vun der EU-Direktiv iwwer Bezuelungsdéngschtleeschtungen (PSD2) verweist op d'Informatiounen, déi dem Empfänger bei engem Bezuelvirgang matgedeelt ginn, dorënner eng Referenz, déi dem Empfänger d'Identifizéierung vum Optraggeber a vum Bezuelvirgang erméiglecht, souwéi all weider mam Bezuelvirgang iwwermëttelt Informatiounen.

Dobäi ass de Responsabele fir den Traitement vun de perséinlechen Donnéeën zoustänneg fir d'Anhale vum Prinzip vun der Dateminimiséierung, d'Existenz vun enger rechtméisseger Grondlag fir

d'Dateveraarbechtung an d'Respektéiere vun den Transparenzobligatiounen no de gültegen Dateschutzreegele.

Et opläit net dem Minister, sech zu den aktuelle Modeller oder zukünftege Choixe vun eenzele Bezueldéngschtleeschter ze äusseren.

Lëtzebuerg, den 22. Abrëll 2026
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth